ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister an un d'Madamm Gesondheetsminster weiderzeleeden.

Am Luxemburger Wort vum 26. Januar 2022 stoung ee Lieserbréif mam Titel „Stop der Menschenquälerei!". An deem Bréif bericht ee Mann vu senger 100-järeger Schwéiermamm, déi am Altersheem, am Kader vun enger Corona-Testaktioun, positiv getest gouf an doduerch, wéi vum Familljen- a vum Gesondheetsministère ugeuerdent, a Quarantaine koum. Si huet säitdeem 24 Stonnen op 24 eleng an hirem Zëmmer misse verbréngen. D'Fra ass geboostert an huet keng Symptomer. Am Lieserbréif heescht et: *„Als Familie haben wir nur die Möglichkeit, über Telefon und Videoanrufe mit ihr zu kommunizieren, und dabei stellen wir fest, dass diese Situation sie enorm belastet und ihr Allgemeinzustand sich maßgeblich verschlechtert hat. Wir machen uns sehr große Sorgen um sie."*

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamme Minister:

1) Wéi stinn d'Madamme Minister zur Iwwerleeung, datt een an esou Fäll de Wëlle vun de Leit misst respektéieren an ee verhënnere misst, datt duerch esou eng Mesure (Quarantaine) den allgemenge Gesondheetszoustand vun der Persoun sech verschlechtert? Kéint ee sech hei net eng méi human a flexibel Reaktioun vun der Regierung virstellen an et beispillsweis der Famill erlaben, bei Anhale vun den „gestes barrière", déi al Fra ze besichen?
2) Ginn et Iwwerleeunge bei der Regierung, fir al Leit, déi a Quarantaine sinn, psychologesch ze begleeden an ze ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten